



Chambre des Députés

Compte rendu officiel

Supplément commun aux quotidiens:

Luxemburger Wort, Tageblatt, Lëtzebuenger Journal, Zeitung vum Lëtzebuenger Vollek

Contenu rédactionnel:

Service du compte rendu de la Chambre des Députés
Service des relations publiques de la Chambre des Députés
Tél. 466 966-1

Conception, saisie de texte et mise en page:

Polygraphic SA, Esch-sur-Alzette

Concept et coordination générale:

BRAIN & MORE, agence en communication, Luxembourg

Imprimeries:

Saint-Paul Luxembourg s.a. 2, rue Christophe Plantin L-2988 Luxembourg
Editpress s.a. 44, rue du Canal L-4050 Esch-sur-Alzette

d'Gesetz änneren an ëffentlech Subventionen nach just zougänglech maache fir international Privatschoulen, wa se och Lëtzebuergesch obligatoresch fir all Schüler ubidden.

Mir sinn amgaangen an der École internationale zu Déifferdeng, an eiser ëffentlecher internationaler Schoul, e Curriculum auszeschaffen an och do schonn unzewennen, dee mer herno den internationale Schoule wëllen zur Verfügung stellen.

Mir wëllen och méi maachen, datt déi Schüler, déi wëlle méi Lëtzebuergesch maachen, och vläicht wëllen d'Orthografie, d'Grammatik vun eiser Sprooch léieren, dat kënne maachen. Ech soen awer gläichzäiteg, ech warne ganz haart do virdrun, fir ze soen: Dat muss en obligatoresche Bestanddeel vun eise Léierpläng ginn. Ech wëll net an d'Situationen kommen, datt herno e Schüler am Franséischen, Däitschen, och nach am Engleschen an an der Mathé an an all deenen anere Fächer bestanen huet, mä e kann net virugoen, well en d'Lëtzebuergesch dann net gepackt hätt. Do musse mer realistes sinn.

A vill vun den Iwwerleeungen, déi de Mëtteg hei gemaach gi sinn, datt mer schonn extrem vill Zäit an de Sproochenunterricht investéieren an heiansdo ze wéineg bleift fir zum Beispill d'Sciencen, déi awer och fir d'Virukomme vum ganze Land wichteg sinn an och Berufschancen kennen opmaachen, datt mer dat net ze vill dierfen eesäiteg ugoen.

E lescht Wuert, Här President. Bei allem, wat mer mussen iwwerdenken - mir hunn aner Schüler, d'Uspréich sinn anerer -, wëll ech awer nach eng Kéier soen, datt, wann ech nëmmen e puer Kilometer iwwert d'Grenz erausginn, gi mer nach ëmmer beneit fir eise Sproochesystem, fir eis Schoulen, déi et fäerdegbréngen, awer ëmmer nees eng nei a méisproocheg Generatioun aus der Schoul ze kréien.

Ech hunn nach ëmmer europäesch Ministerkolleegen, déi wëlle bei eis kucke kommen, fir ze kucken, wat mir do maachen. A vill aner Länner, déi amgaange sinn, sech déi Froen ze stellen, déi zum Deel och de Mëtteg hei gestallt goufen - wéi kënne mer an enger globaliséierter an domadder och automatesch multilingualer Welt eng Schoul op déi Situation do virbereeden? -, kommen nach ëmmer op Lëtzebuerg kucken, fir erauszefannen, wéi mir et hei maachen. Also kënne mer et net esou schlecht maachen!

Villmools Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci dem Minister. Merci och der Chamber fir d'Flexibilitéit. Mir géifen dann, nodeem mer d'Debatt ofgeschloss hunn iwwert d'Interpellatioun, zu eise leschte Punkt vum Ordre du jour kommen, de Projet de loi 7011, eng Ännerung vum Gesetz iwwert de Clierfer Lycée, fir d'Ugebuert auszubauen. An d'Wuert huet direkt de Rapporteur, den Här Edy Mertens.

7. 7011 - Projet de loi modifiant la loi du 13 juin 2013 portant création d'un lycée à Clervaux

Rapport de la Commission de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

► **M. Edy Mertens (DP), rapporteur.** - Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kollegen, den zukünftege Lycée Edward Steichen wäert seng Diere fir d'Rentrée 2018 zu Clierf opmaachen. Ech brauch lech sécherlech hei net ze rappeléieren, wat dat fir Diskussiounen ervirgeruff hat. Dat war guer net esou einfach an ech sinn desto méi frou, wa mer moies schaffe

fueren, Emile, datt déi Bauplaz wierklech a Be-trib ass. Do gëtt gewibbelt, do gëtt geschafft. An ech krut elo nach matgedeelt, datt d'Direktioun méi no geréckelt ass bei eis, fir dat Ganz nach besser ze encadréieren. Mir sinn zouversichtlech, datt dat klappt.

Mä spéitstens elo misst et jo awer jiddwerengem bewusst sinn, wat dese Lycée eigentlech fir de Kanton Clierf bedeit fir seng Awunner a fir déi ganz Regioun. Sécher, de Lycée schaaft zousätzlech Aarbechtsplazen am Norden. De Kanton gëtt awer och vill méi attraktiv. D'Schouloffer gëtt dezentraliséiert. A virun allem ginn déi aldeeglech Weeër, déi d'Schüler mussen zrëckleeën, méi kuerz, soumat hu se vill méi Fräizäit a sëtzen net déi ganzen Zäit oder jiddefalls heiansdo eng Stonn am Bus.

Här President, mat deem kleng Projekt de loi wäert de Clierfer Lycée zousätzlech déi Attraktivitéit ausbauen. Wann d'Gesetz vun 2013 d'Offre scolaire näamlech just op déi ënnescht Cyclé limitéiert hat, esou gesäit dese Projekt de loi vir, déi Offer och op déi ieweschten Cyclen ze erweideren, souwuel am Secondaire technique wéi am Secondaire classique. D'Schüler ginn doduerch net méi gezwongen, no dräi Joer hire Lycée de proximité ze verloossen, wat natierlech eng Rei Nodeeler mat sech bruecht hätt. Jo, d'Weeër wieren erëm wesentlech méi grouss ginn. Et hätt een erëm méi Zäit verluer, jee, et hätt een einfach d'Haaptziler vum Clierfer Lycée verfeelt.

Och wäert d'Unzuel vun den Inskriptiounen mat deser Erweiterung eropgoen. D'Méiglechkeet, seng ganz Lycées-Carrière an engem Gebai ze maachen, ass näamlech an den Ae vu ville Schüler an och vun den Elteren ee vun den Hauptkritären, fir sech fir oder géint e Lycée ze entscheeden.

E weidere Virdeel ass sécherlech, datt de Lycée Edward Steichen an Zukunft ka Formatiounen ubidden, déi, éischters, breet opgestallt sinn an, zweetens, de Besoine vun eiser Regioun ugepasst sinn. Ech wëll hei nëmme just eis Bau-branchen erwänen, an där bis elo an eiser Géigend 800 Leit schaffen.

De Lycée Edward Steichen ka mam Vott vun deem Gesetzestext deem Rechnung droen a seng Offer an d'Formatiounen deementsprechend ausriichten.

Och am Secondaire classique wäerte sech duerch déi zukünfteg Flexibilitéit vun de Sektionen zousätzlech Méiglechkeeten opdoen, fir och douawwe geziilt d'Talenter vun de Schüler ze féerden an der Offer an Demande vum Aarbechtsmaart unzepassen.

Här President, ech kommen elo zum zweite Volet vun deem Projekt de loi. Et gëtt och eng Struktur fir Kanner mat Verhalensopfällegkeeten am Norde geschaaft, déi dann un de Lycée Edward Steichen attachéiert soll ginn. Dës Struktur soll sech ëm Kanner tëschent 11 a 15 Joer këmmen, déi grav Verhalensopfällegkeeten opweisen an déi doduerch riskéieren, herno am Ausland misse betreit ze ginn. Duerch spezifesch qualifizéiert Personal, e méi geregelten Dagesoflaf an duerch eng Betreuer a kleng Gruppe soll de Kanner gehollef ginn, hir Stressfaktoren ofzebauen, fir duerno erëm lues a lues an de reguläre Schoulbetrieb integréiert ze ginn.

De Projet Sproochenhaus VTT - Verhalen testen an trainéieren - erwaart och, genausou wéi de Lycée, seng éischt Schüler...

(Brouhaha)

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Wann ech gelift! Wann ech gelift! Et ass erëm vill Geknouters am Sall an et ass bal net nozelauschteren. Wann ech gelift nach e puer Minutten, dann hu mer et gepackt.

► **M. Edy Mertens (DP), rapporteur.** - Jo, et ass gläich eriwuer.

(Hilarité)

...erwaart och, genausou wéi de Lycée Clierf, seng éischt Schüler am September 2018 zu Wëlwerwol. Fir weider Detailer zum Projet de loi verweisen ech gären op mäi schrëftleche Rapport.

Här President, de Statsrot, genausou wéi d'Chambre des Fonctionnaires et Employés publics, hunn hir Zoustëmmung zu deem Projet de loi ginn, soudatt mir nach just iwwreg bleift, lech fir Aert Nolauschtere Merci ze soen.

Ech wëll awer hei e spezielle Merci ausdrécken un d'Commission de l'Éducation nationale, déi mir erlaabt huet, dese Projekt de loi virzustellen.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och. D'Wuert huet direkt d'Madamm Martine Hansen.

Discussion générale

► **Mme Martine Hansen (CSV).** - Merci, Här President, an och villmools Merci dem Här Mertens fir de Rapport. Als CSV, mä natierlech och am Numm vum Buergermeeschter, dem Emile Eicher, begrësse mer ausdrécklech, datt d'Offer fir de Clierfer Lycée mat deem Gesetz ausgebaut gëtt, sou wéi den Här Mertens dat u sech erkläert huet. Ech ginn net méi op den Detail an.

Ee groussen Deel vun de Kanner am Norde vun eise Land - an och dat huet den Här Mertens gesot - verbrénge vill ze vill Zäit am Dag an an der Woch am Bus, am Zuch oder a béidem, wat u sech definitiv verlueren Zäit ass. Mat deem Zousazugebuert verbessere mer esou nach méi Kanner hir Liewensqualitéit a virun allem hir schoulesch Chancen.

Dese Lycée wäert e Schwéierpunkt op den neien Technologie leien hunn, wat gutt an zukunftsorientéiert ass, an dat net eréischt ab dem Här Rifkin senger Etüd. Mir wësse schonns méi laang, datt mer an deem Beräich méi Aarbechtskräfte brauchen, och an der Clierfer Géigend, wéi der am Moment do sinn.

Aus dem Bléckpunkt vun der Regioun, och do war den Här Mertens drop agaangen, wou et eng Partie Betriber ginn aus der Baubranche, ass et an den Ae vun der CSV weiderhin ze begrëssen, datt och des Formatiounen sollen op Clierf kommen, virun allem well mer jo wëssen, datt just des Formatiounen am Prinzip zu Mamer ugebuede ginn an datt den ëffentlechen Transport vun douewe bis erof net onbedéngt esou gutt ass, datt en eis Kanner do kéinten all Dag hifueren.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, erlaabt mer awer, nach kuerz zwou Froen ze stellen, op déi ech an der Kommissioun keng zefriddestellend Äntwerte kritt hunn:

Dat éischt ass: Firwat bidde mer elo zu Clierf d'Ausbildung zum Fotograf un? Ech denken, den Numm vum Lycée kann net déi eenzeg Ursach sinn. Dës Ausbildung ass am LTC aus Mangel un Ausbildungsbetriber a Kandidaten zougemaach ginn an an den Transfrontalier gesat ginn.

An eng zweet Fro: Am Clierfer Lycée soll och elo d'Formatioun zum Kach um Niveau DAP a CCP ugebuede ginn. Dës Ausbildung gëtt et och zu Dikrech. Do sinn am Moment am éischte Joer néng Schüler an der DAP-Ausbildung, zu Bouneweg sinn et der 40. Si ass also néierens iwwerlaf.

Den Här Minister hat mer op eng Question parlementaire zur Hotelschoul gesot, hie wär amgaangen, ee Gesamtkonzept fir d'Ausbildungen am Horeca-Beräich auszeschaffen. Elo, wou d'Décioun geholl ass, datt zu Clierf och des Ausbildung kennt, ginn ech emol dovunner aus, datt dat Konzept ausgeschafft ass. A vläicht kann den Här Minister eis dat kuerz beschreiwen.

Och ganz wichteg fir eis Regioun ass dat sougenannt Sproochenhaus zu Wëlwerwol, eng Structure d'accueil fir Kanner mat Verhalens-schwierigkeeten, déi wierklech riskéieren, soss an d'Ausland missen ze goen. Och am ländleche Raum brauche mer esou eng spezifesch a spezialiséiert Strukturen. Ech sinn deemno ganz frou, fir kënnen den Accord vun der CSV-Fraktioun zum Ausbau vum Clierfer Lycée ze ginn, an ech wënschen dem Clierfer Lycée an dem Sproochenhaus am Numm vun der CSV ganz vill Chance.

Merçi.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och. An d'Wuert huet den Här André Bauler.

► **M. André Bauler (DP).** - Här President, léif Kolleeginnen a Kollegen: „Was lange währt,

wird endlich gut.“ Wann dës Spréchwuert op eppes zoutreëft, da sécherlech op de Clierfer Lycée. Tëschent 1991 an 2016 ass d'Bevëlkerung am Clierfer Kanton ëm 62% gewuess. Dese Prozentsaz läit iwwert dem Landes-duerchschnëtt. D'Schafung vun enger weiderer Sekundarschoul am Norde vum Land ass dofir net vu Muttwëll. D'Baggere rullen zanter Mee 2015 an d'Aarbechte ginn zügeg weider.

Wéi d'Vereenegung „De Cliärrwer Kanton“ viru 15 Joer fir e Lycée agevrueden ass, du sinn hir verantwortlech Leit kaum eescht geholl ginn. Haut awer wësse mer, datt et richteg war, sech fréi genuch fir dese Sujet anzesetzen, jo, e konsequent ze thematiséieren, well soss, mengen ech, géifen d'Bauarbechten haut net op Héichtouren lafen.

Mir sinn zefridden, datt d'Regierung elo och konsequent dru schafft, fir déi nei Schoul direkt op en Ausbau virzubereeden. Eng éischt graff Planung ass scho skizzéiert ginn. Dës prospektiv Approche ass noutwendeg, fir méi séier reaktionsfäeg ze sinn, wann d'Bedürfnisse an der Regioun dat verlaangen. Wann de Clierfer Lycée Klassen am ieweschten Zyklus vum Post-primaire wëllt ubidden, muss kënne séier gehandelt ginn.

Et ass och wichteg, datt am Lycée Edward Steichen zu Clierf Formatiounen ugebuede ginn, déi eng Äntwert op d'Bedürfnisse an der Géigend ginn. Wann een eleng d'Bauhandwierk kuckt, da weess een, datt mer an der Nordspëtzt wierklech e grousst Potenzial fir déi Beruffer hunn. Den Edy Mertens als Rapporteur huet dat virdrunner och uklénge gelooss.

Firwat musse Jongen a Meedercher, déi spéider bei en Entrepreneur schaffe ginn, wäit Weeër zrëckleeën, fir op Mamer an de Lycée ze fueren? Déi mannst si bereet, des Rees all Dag op sech ze huelen. Bidde mer awer e geziilte Set un handwierkleche Formatiounen un, da kënne mer och méi Jonker an des Beruffer erakreien an hinnen no bei hirem Heemechtsduerf eng Berufsperspektiv ubidden. Zurzäit schaffen iwwregens ëm déi 700 bis 800 Leit an de Baubetriber, déi an der Nordspëtzt instaléiert sinn.

Mat deem Projekt de loi stelle mer de Clierfer Lycée vun der Formatiounsoffer hier esou breet ewéi méiglech op. Dat soll net gemaach ginn, well mer anere Schoulen zu Wolz oder an der Nordstad Brout wëllen ewechhuelen, mä well eng flexibel Offer soll geschafe ginn, déi séier op d'Besoinen an der Regioun reagéiere kann. Et geet jo net drëms, fir sech ze konkurrenzéieren, mä fir sech ze ergänzen, fir also Hand an Hand ze schaffen a fir sech ofzestëmmen.

Hätt den Dikrecher Kolléisch an Zukunft ze vill Schüler op der C-Sektioun, déi och nach zum gudden Deel aus dem Clierfer Kanton kommen, dann ass et nëmme selbstverständlech, wann des Jugendlecher hire Lycée an der Nordspëtzt fäerdeg kéinte maachen. Firwat net zum Beispill op enger Bio-Informatik-Sektioun? Beim Clierfer Lycée goug et jo vun Ufank un drëm, fir wäit Faarte vun de Schüler ze vermeiden an esou Zäit fir méi sennvoll Aktivitéiten ze gewannen.

Allgemeng kann ee soen, datt, wa mer vun enger Diversifizéierung vun der Schouloffer a vu méi Autonomie schwätzen, also vun ënnerschiddleche Schoule fir ënnerschiddlech Schüler, da musse mer och all Schoul de gesetzleche Kader ginn, deen et hir erlaabt, des Erausforderung unzehuelen an hir gerecht ze ginn. Mir liewen eben an enger komplett verännerter Gesellschaft, déi vun eis eng héich Upassungsfäegkeet verlaangt. Am Interessé vun eiser Jugend musse mer et fäerdegbréngen, eis Schoulen an hir Offer un Ausbildungsweeër esou auszerichten.

Här President, mat deem Projekt géisse mer definitiv déi schoulesch Offer vum Clierfer Lycée a Bëton. Ech denken ëmmer nach u mäi fréieren a leider verstuerwenen Direkter vum Lycée du Nord, de Fernand Schmitz, dee sech Ënn den 80er Jore bal huet missen d'Bee stompech lafen, fir zu Wolz d'Premièrsklassen autoriséiert ze kréien. Eréischt 23 Joer no senger Grënnung huet de Lycée du Nord eng éischt Premièr B/C kritt. An deene Jore virdrun hunn déi Éisleker jonk Leit de Lycée du Nord ëmmer nees fréizäiteg misse verloossen, well esou Klassen eben net autoriséiert konnte ginn. D'Gesetz vun deemools huet et net erlaabt.

Esou eng Situatioun dréit net derzou bäi, datt eng Schoul sech gutt entwëckele kann an attraktiv gëtt. Dat soll, léif Kolleeginnen a Kollegen, mat deem Gesetz dem Clierfer Lycée erspuert bleiwen.



Sommaire des séances publiques n^{os}8 et 9

8^e séance

Ouverture de la séance publique	p. 90
Déclaration de M. Romain Schneider, Ministre de la Coopération et de l'Action humanitaire, sur la politique de coopération au développement et de l'action humanitaire, suivie d'un débat	p. 90-101
Question élargie n°19 de Mme Taina Bofferding au sujet du phénomène du «mobbing» au travail	p. 101-102
6831 - Projet de loi portant création des sociétés d'impact sociétal et modifiant	
a) la loi modifiée du 19 décembre 2002 concernant le registre de commerce et des sociétés ainsi que la comptabilité et les comptes annuels des entreprises,	
b) la loi modifiée du 4 décembre 1967 concernant l'impôt sur le revenu,	
c) la loi modifiée du 1 ^{er} décembre 1936 concernant l'impôt commercial communal et	
d) la loi modifiée du 16 octobre 1934 relative à l'impôt sur la fortune	p. 102-107
6914 - Projet de loi modifiant les annexes 1 et 3 du Code du travail	p. 107

9^e séance

Ouverture de la séance publique	p. 108
Dépôt d'une résolution par M. Laurent Mosar	p. 108
6892 - Projet de loi portant	
1. modification du Code du travail	
2. modification de l'article 2 de la loi modifiée du 21 décembre 2007 portant réglementation du financement des partis politiques	p. 108-111
Allocution de M. le Président à l'occasion de la visite de la délégation sénatoriale du Royaume du Cambodge sous la conduite de Mme Ty Borasy, Présidente de la Commission des Affaires étrangères du Sénat	p. 111
6892 - Projet de loi portant	
1. modification du Code du travail	
2. modification de l'article 2 de la loi modifiée du 21 décembre 2007 portant réglementation du financement des partis politiques (suite)	p. 111-117
Interpellation de M. Claude Adam sur le défi de la situation plurilingue dans le système éducatif au Luxembourg	p. 117-127
7011 - Projet de loi modifiant la loi du 13 juin 2013 portant création d'un lycée à Clervaux	p. 127-128

Här President, ech schléissen: E Lycée ass wierklech méi wéi just eng Schoul. Et ass och a grad e Kulturträger. Et ass awer och e Partner fir déi regional Wirtschaft a Gesellschaft. Wann den neie Lycée am September 2018 seng Dieren opmécht, da wäerten hei an enger éischter Phas honnert Mënschen eng Aarbecht fannen, honnert Aarbechtsplazen, déi derzou bäidroen, der Nordspëtz eng nei Dynamik ze ginn. An enger Zäit, wou verschidde Servicer Clief wëlle verloossen, sinn dat honnert Aarbechtsplazen, déi der Cité de Clervaux eng nei Perspektiv ginn an dëser Uertschaft hëllefen, weider lieweg an attraktiv ze bleiwen.

Merci dem Kolleg Edy Mertens fir säi Rapport. Ech ginn dann och hei den Accord vu menger Fraktioun, der demokratescher Fraktioun, ouni awer ze vergiessen, der Direktioun vum Lycée, déi jo haut hei uewen um Dicksall vun der Chamber matzen ënner eis ass, all Guddes fir d'Zukunft ze wënschen. Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo,** *Président.* - D'Wuert huet elo den Här Haagen.

(*Exclamations*)

► **M. Claude Haagen** (*LSAP*).- Merci, Här President.

(*Hilarité générale*)

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Claude Haagen** (*LSAP*).- Merci, Merci. De Rapporteur, den Här Edy Mertens, deem ech villmools Merci soe fir säi schrëftlechen a mëndleche Rapport, war wéi seng Virriedner ganz komplett bei deenen techneschen Ausféierungen. Mir als LSAP begrüessen natierlech déi supplémentaire Offer bei deem Lycée fir den Enseignement a mir begrüesse besonnesch als LSAP, datt déi Structure d'accueil fir Kanner mat Verhalensopfällegeekte geschafe ginn ass.

Dat gesot, ass dat doten e flotte Projet fir den Norden, deen dann 2018 an d'Realitéit als Lycée Edward Steichen ëmgësat gëtt. An domadder ginn ech och den Accord vun der LSAP-Fraktioun. Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo,** *Président.* - Merci. An d'Wuert huet de Claude Adam.

► **M. Claude Adam** (*déi gréng*).- Merci, Här President. déi gréng hate schonn 2006 an enger spontaner Aktioun e Grondstee fir de Cliefier Lycée geluecht.

► **Plusieurs voix.** - Aah!

► **M. Claude Adam** (*déi gréng*).- An duerfir si mer haut natierlech immens frou, wa mer de Rapporteur héieren, datt et rabbelt a wibbelt um Chantier, oder den Här Bauler, dee seet, d'Baggere géife rullen. Mir sinn natierlech frou, datt mer déi zousätzlech Infrastruktur am Éislek kréien.

Mir sinn och frou, an dat ass jo eigentlech den Objet vun deem awer klenge Gesetz vun haut, datt dee Lycée soll alles däerfen ubidden - soll alles däerfen ubidden! - also och an den ieweschte Klassen. Mir mengen, datt dat all Lycée eigentlech soll hunn. Dat ass e flott Konzept. A schlussendlech regelt jo awer d'Angebot och d'Nofro, an ëmgedréint d'Nofro och d'Angebot.

De Rapporteur huet gesot, datt d'Aschreiwunge wahrscheinlech eropginn, dat heescht, de Lycée gëtt méi attraktiv. Do ass natierlech ëmmer d'Fro: Op d'Käschte vu wem gëtt de Lycée méi attraktiv? Ech hoffen, datt et op d'Käschte vum Dikrecher Lycée ass, well deen effektiv e risegrouse Lycée ass. An ech hoffen, datt dat net op d'Käschte vum Wolzer Lycée geet, well dat wier, mengen ech, éischter kontraproduktiv. Ech sinn awer zouversiichtlech, datt dat sech scho flott wäert aspillen.

Ech sinn net gefrot ginn, ech soen et awer gären, well mer och an der Kommissioun driwwer geschwat hunn: Firwat de Fotograf ubidden? Ech mengen, datt och haut nach ëmmer ganz vill Fotografe gebraucht ginn, datt dat eng flott Spart ass. An et bitt sech och u wéinst dem Här Steichen, fir dat dann zu Clief ze maachen.

De Beruff vum Fotograf huet ganz vill gewieselt; mir hunn hei schonn driwwer geschwat. Effektiv brauche mer haut kee Fotograf méi, dee Passfotoe mécht. Mä wann Der all Eventer kuckt, da probéiert emol, fir en Event e Fotograf ze kréien, Madamm Hansen, dat ass guer net esou einfach! Do gëtt et Leit, déi dat maachen an déi ganz laang Waardelëschten hunn. Duerfir mengen ech schonn, datt dat eng flott Erausfuderung ass; et passt och an de Kader vun „Digital Lëtzebuerg“, dat soll do gefërdert ginn.

An e lescht Wuert: Selbstverständlech ass dat, wat mam Sproochenhaus geschitt, eng super Saach. D'Sproochenhaus war ganz laang Member an der Union luxembourgeoise des bibliothèques publiques, obschonn et eng Zäit laang nëmme méi - wéi nennt een dat? - e Membre dormant war. Ech si frou, datt eben hei déi nei Destinatioun dohinnerkënn. Dat passt jo och - et wier jo och net anescht méiglech - an dat Vermiechtnes vun där Ierfschaft.

An ech mengen, et ass am ganze Land, natierlech och am Norden, e Besoin un esou Strukturen. Et huet mech och e bëssen - mer hunn och nach aner Strukturen, déi da vun Asble gëréiert ginn - un d'Sacclly-Haus erënnert, wat vum Mierscher Kannerduerf gëréiert gëtt. Ënner anerem hate mer do eng Kéier d'Diskussioun, well et ass op zwee Joer begrenzt, wou déi Jonk do sollen encadréiert ginn: Ass dat gutt oder ass dat net gutt? Et huet de klengen Nodeel, datt een heiansdo net weess, wou een no deenen zwee Joer soll higoen. Et huet natierlech och den Avantage, datt vu vieren d'Rumm kloer gesat ass. Et ass keng Dauerinstallatioun. Ech hoffen, datt een déi zwee Joer als Richtlinn bäibehält, mä vläicht net mat enger absolutter Onflexibilitéit. Dat wier schued.

An deem Sënn soen ech lech Merci an ech brénge selbstverständlech den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Projet.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo,** *Président.* - Merci. Den Här Wagner huet d'Wuert.

► **M. David Wagner** (*déi Lénk*).- Merci, Här President. Den exzellente Bericht vum Här Mertens huet bewisen, datt d'sproochlech Situatioun zu Lëtzebuerg nach méi komplizéiert ass, wéi mer mengen.

(*Hilarité*)

Als Stater ass et net ëmmer evident, déi schéin „Sproosch vun douawwen“ ze verstoen.

(*Hilarité*)

► **Une voix.** - Oh là là!

► **M. David Wagner** (*déi Lénk*).- A wéi schreift een dat? Mä mir hunn alles verstanen a mir wäerten natierlech och eist Averstännis zu dësem Gesetzesprojet ginn.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo,** *Président.* - Merci. Dann huet den Här Minister d'Wuert.

Prise de position du Gouvernement

► **M. Claude Meisch,** *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse.* - Merci. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass alles gesot ginn, wat dëse Projet de loi soll ëmfaassen a wat d'Zilsetzung ass. Et sinn awer nach zwou Froe gestallt ginn:

Dat Eent zum Fotograf, firwat mer do zum Fotografeberuff ausbilden. Et ass en IT-Lycée; dat ass d'Grondkonzept vum Lycée Edward Steichen zu Clief. An haut wësse mer, datt Medien, op där enger Säit, an Informatik, op där anerer Säit, awer ganz enk verbonne sinn, ganz enk verflecht sinn, soudatt dat also schonn eng Ausbildung ass, déi dohinner passt.

An ech denken awer och, wann ech de Medie-secteur eleng zu Lëtzebuerg kucken, awer och de Konschtberäich zu Lëtzebuerg kucken an och d'Entwécklung, déi de Fotografeberuff geholl huet, datt et scho muss méiglech sinn, datt mer hei och Beschäftegung fanne fir Leit, déi mer selwer ausbilden. Mir selwer sinn der jo awer vun deenen, déi der ganz oft - a mir hoffe méiglechst oft am Dag - begéinen doruechter. An iergendwou mussen déi jo awer och ausgebilt ginn.

Wat déi Formatioun an der Kichen ubelaangt, den DAP fir Cuisinier, ass et effektiv esou, datt mer e landeswäit Konzept amgaange sinn opstellen, well mer insgesamt, denken ech, do méi e grouse Besoin hunn. Mir wëssen, dat ass nach e Secteur, wou Leit agestallt ginn, och Leit agestallt ginn, déi net onbedéngt eng ganz héich Qualifikatioun hunn, an datt mer do momentan vun eisen eegene Jonken der net genuch hunn, déi an dee Secteur do ginn.

Dat ass a mengen Aen, gradesou wéi d'Bau-branch, déi mer jo och hei mat ofdecken, awer eppes, wat am Norden, an den eenzelnen Ënnerregiounen och vum Norden, nach ëmmer präsent ass - d'Gastronomie, den Tourismus -, soudatt et och eppes ass, wat do derbäi passt. Sécherlech kéinten och ganz vill Jonker, déi do an der Géigend oder och am héijen Norde wunnen, Interessi un esou enger Formatioun hunn.

Mir hunn elo den DAP am Concomitant zu Dikrech an der Hotelschoul ugebueden ab dësem Joer. Allerdéngs ass dat e Provisorium, bis dat zu Clief fäerdeg ass. An ech denken, datt dat sécherlech och net elo de Schwéierpunkt wäert sinn an der Zukunft fir d'Hotelschoul zu Dikrech, datt mer do aner Formatiounen nach sollen entwéckelen, effektiv nei Saachen nach zousätzlech sollen entwéckelen, mä net onbedéngt an deem doten Domän.

Dëse Schratt maache mer jo och, an dat ass ënnerstrach ginn an ech si frou, datt mer do e Konsens hunn hei am Haus, fir der Schoul

d'Méiglechkeet ze ginn, nach eng Kéier méi attraktiv ze ginn, net nëmmen den Ënnergrad unzebidden, mä deene Schüler aus de Regiounen och d'Méiglechkeet ze ginn, eng Rei vu Formatiounen bis den Ofschloss, bis de Bac, och kënnen am Lycée Edward Steichen zu Clief ze maachen.

Dat ass e wichtegt Argument scho fir vill Schüler, op Septième iwwerhaupt do unzefänken. Dat mierke mer ëmmer erëm bei anere Lycéeën, déi dat net hunn. Mir hu viru Kuerzem och hei e Lycée, dee just mam Ënnergrad op Orbit gesat ginn ass, näämlech den Uelzechtlycée, fusionéiert mat engem anere Lycée, fir och déi dote Perspektiv ze kréien.

Duerfir hu mer hei och elo nach eng Kéier ëmgesteiert. An ech denken, datt mer do finalement eng breet Komplementaritéit vun der Offer an der ganzer Nordregioun kréien, vun der Nordstad bis op Wolz, de Lycée du Nord, wéi awer och da mat deem neie Lycée zu Clief, wou et net drëms geet, sech Konkurrenz ze maachen, d'Schüler géigesäiteg ewechzehuelen, mä d'Offer insgesamt méi komplett ze maachen an der Regioun an domadder och déi Bildungslandschaft nach eng Kéier auszeweiden an der Regioun.

An dat ass sécherlech och nach eng Kéier de Beweis, datt dës Regierung an de ländleche Raum investéiert an d'Ënnerstützung gëtt fir d'Entwécklung am ländleche Raum. Well mer wëssen, datt esou e Lycée wéi deen heiten, deen herno Schüler wäert hunn, Enseignanté wäert hunn, och wäert Awunner unzéien; e wäert Betriber unzéien an e wäert e wichtige Motor och ginn an där ganzer Regioun. Et ass eng Schoul, déi d'Regioun gefrot huet. D'Gemeng an déi ganz Regioun ware vun Ufank un enk mat involvéiert. An ech denken och, datt déi Zesummenaarbecht do ee vun den Erfolgsrezepten wäert gi fir de Lycée Edward Steichen zu Clief. Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo,** *Président.* - Merci och dem Här Minister. Mir kënnen domat zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7011 iwwergoen. D'Ofstëmmung fänkt un.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7011 et dispense du second vote constitutionnel

Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. D'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo eriiwwer.

De Projet 7011 ass eestëmmeg ugehall mat 59 Jo-Stëmmen.

Résultat définitif après redressement: le projet de loi 7011 est adopté à l'unanimité des 60 votants.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Marcel Oberweis), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden (par M. Serge Wilmes), Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen (par M. Laurent Zeimet), M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar (par M. Paul-Henri Meyers), Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz (par Mme Octavie Modert), Serge Wilmes, Claude Wiseler (par M. Gilles Roth), Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton (par M. Roger Negri), M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol (par M. Alex Bodry), MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen (par M. Yves Cruchten) et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel (par M. André Bauler), M. Eugène Berger (par M. Gusty Graas), Mme Anne Brasseur (par M. Max Hahn), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par Mme Joëlle Elvinger);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia (par Mme Viviane Loschetter), Henri Kox (par M. Claude Adam), Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini (par Mme Josée Lorsché);

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser);

MM. Marc Baum et David Wagner.

Ass d'Chamber bereet, op den zweete Vott ze verzichten?

(*Assentiment*)

Merci. Dann ass dat esou decidéiert.

Domat si mer um Enn vun eiser Sëtzung ukomm. Rendez-vous an dësem Sall ass erëm uganks Dezember. Merci a kommt gutt heem!

(*Fin de la séance publique à 19.32 heures*)